LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 AVR. 2019

Luxembourg, le 16 avril 2019

**Concerne**: Question parlementaire n° 561 du 26 mars 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt.
**Réf. :** 82bx81e67

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse du soussigné à la question parlementaire n° 561 du 26 mars 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt concernant le "Don d'organes".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Étienne SCHNEIDER
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 561 du 26 mars 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt concernant le "Don d'organes".**

---

*Gedenkt d'Regierung dat bestoend Reglement an deem Sënn ze änneren datt d'Spideeler obligatoresch Referente mussen designéieren? Gesäit d'Prozedur fir datt d'Famill an all Fall kontaktéiert gëtt fir erauszefannen ob de Patient säi Refus fir Organspenden ausgedréckt hat?*

Dësem Wonsch entsprécht de Règlement Grand-Ducal vum 18. Juli 2018, bezüglech op d'Organisatioun an d'Aarbechtsmethode vum "Service national de coordination des dons d'organes", deen de Begrëff "Referent" aféiert.

Et handelt sech heibäi em eng Persoun, déi, ganz onofhängeg vun der Transplantatiounséquipe, zum medezineschen Personal oder dem Fleegepersonal vum Spidol gehéiert. Dës beoptraagt Persoun identifizéiert potentiell Organspender a mécht eng Verbindung tëscht dem Spidol, an deem e schafft, an dem nationale Koordinatiounsdéngscht. Se huet déi néideg Erfahrung an dësem Beräich a suergt fir d'Sensibiliséierung an d'Weiderbildung vun den Dokteren an dem Fleegepersonal. De Referent begleet och potentiell Organspender an deenen hier Familien. D'Nominatioun vun dëse wichtege beoptraagte Persounen ass am gaangen vu Lux-Transplant ëmgesat ze ginn.

Wat de Kontakt mat der Famill ugeet, gëtt et d'Méiglechkeet vum "Passeport de vie" - de Spenderpass, op deem een ugi kann ob ee seng Organer spende well oder net. Dëse Pass vereinfacht och d'Aufgab vum medezinesche Personal a Fleegepersonal, awer virun allem hëlleft en der Famill an engem emotionale schwéiere Moment eng Entscheedung ze treffen.

D' Gesetz vum 25 November 1982 iwwert d'Organspend gesäit och vir, dat den Dokter muss nopréifen dat déi verstuerwe Persoun sech net während senger Liewenszäit géint d'Organspend ausgedréckt huet.

*Wat fir eng aner konkret Mesurë gedenkt d'Regierung an de Spideeler ze huele fir datt sécher gestallt ass, datt d'Patienten déi hir Organer wëlle spenden, dëst och am Fall vum Doud maachen?*

Et muss präziséiert ginn, datt de Gesondheetsministère schonn 2010 iwwert de sougenannten Donor Action Program en "Coordinateur du prélèvement" an de Spideeler agefouert huet.

Déi lëtzebuergesch Gesetzgebung berout op dem Prinzip vun der vermeintlecher Zoustëmmung ("consentement présumé"), dat heescht, all Bierger ass automatesch en Organspender, wann e sech zu senger Liefzäit net ausdrécklech schrëftlech dergéint entscheet huet.

An dësem Sënn ass de Gesondheetsministère drëm beméit, d'Bierger ze informéieren an och ze sensibiliséieren, sech mat der Famill an de Bekannten iwwert dëst Thema auszetauschen an d'Entscheedunge kloer auszedrécken, sou datt dës och gegebenefalls respektéiert kënne ginn.

Et goufen och scho weider Schrëtt ënnerholl. Sou huet beispillsweis de Gesondheetsministère virun ongeféier engem Joer mat Luxembourg-Transplant eng Konventioun ënnerschriwwen, déi d'Roll an d'Aufgabeberäicher vu Lux-Transplant als "Service national de coordination des dons d'organes" definéiert. Zu den Aufgabe vun dësem Koordinatiounsdéngscht gehéiert virun allem d'Verwaltung vun de nationale Lëschten, dorënner och déi offiziell Lëscht vun de Patienten déi op e Spenderorgan waarden. Dës Lëscht gëtt zesummegestallt unhand vun de noutwendege medezineschen Angaben an der HLA-Typiséierung vun de Spideeler, vun der medezinescher Équipe a vum zoustännegen Dokter vum Patient deen op eng Organtransplantatioun waart. Dës Informatioune ginn un de Koordinatiounsdéngscht weidergeleet.

Den DSP (Dossier de soins partagés) gesäit fir, dat all Patient a sengem elektronesche Patienten Dossier kann uginn ob en Organ-Spender ass oder net. Den DSP soll am Prinzip nach am laf vun dësem Joer operationell ginn.

*Hunn d'Sensibiliséierungscampagnen aus der Vergaangenheet eng Hausse vun den Organspende mat sech bruecht?*

Op Grond vun de villen Ustrengungen déi d'lescht Joer a Bezuch op eng besser Informatioun vun de Bierger souwéi Campagnë – dorënner och déi national Campagne vu Protransplant, e wichtege Partner vum Gesondheetsministère – konnt eng däitlech Verbesserung vun der Tendenz zur Organspend festgestallt ginn. Sou huet eng rezent Etüde vu Luxtransplant, déi am Abrëll 2018 virgestallt gouf, gewisen, datt 82% vun de gefrote Bierger eng positiv Grondastellung zur Organspend hunn.

D'Regierung ënnerstëtzt d'Organspend awer och aktiv duerch d'Konventioun an d'Finanzéierung vu Lux-Transplant, deenen hir Missioun ënner anerem och d'Sensibiliséierung an d'Opkläre vun der Ëffentlechkeet ass, beispillsweis an de lëtzebuerger Schoulen oder wärend dem alljäerleche Spendermarathon, deen am Oktober stattfënnt.

*Wier et net sënnvoll en zentraliséierte Fichier ze schaffen an deem d'Leit sech kënnen als Organspender androen an op deen dono all d'Spideeler kënnen zréckgräifen?*

Wéi schonns erwänt wäert den DSP et erméiglechen sech als Organspender anzeschreiwen .